



Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Léon Gloden, Innenminister, op d'parlamentaresch Fro n° 4560 vum honorablen Deputéierte Michel Lemaire betreffend Duerchsoe vun der Police am Tram.

Kann d'Madamm Minister bestätegen, datt dee genannte Message vun der Police just eesproocheg op Franséisch ofgespillt gëtt? Falls jo, wéi begrënnt d'Madamm Minister déi Decisioun, souwuel op eis Nationalsprooch Lëtzebuergesch, wéi op eis administrativ Sprooch Däitsch an op d'Englesch als éischt Verständnissprooch am internationalen Tourismus ze verzichten?

De schrëftlechen Text an den Animationsvideoen ass an englescher Sprooch. Dës Videoe gi säit Enn 2025 am Tram gewisen. Deen an dëser Question parlementaire ugeschwaten Audiomessage war ufanks just op Franséisch. Viru kuerzem gouf tëscht all den Acteure festgehal, dës Message och op Englesch a Lëtzebuergesch ofzespillen. Dës ass ëmgesat ginn.

Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt déi Duerchsoen nieft Englesch och prioritär op eiser Nationalsprooch sollten ofgespillt ginn, fir d'Sichtbarkeet vum Lëtzebuergeschen am ëffentleche Raum ze stäerken? Falls net, firwat net?

Op Ufro vun der Police, huet Luxtram fir d'éischt op den digitalen Ecrane vum Tram Preventiounsmessages op Englesch (ouni Toun) ugewisen.

An enger weiderer Phas, huet d'Police bei Luxtram gefrot fir dës mat enger Duerchso am Tram ze ergänzen. D'Police huet e Message op franséisch enregistréiert, den an den Trammen diffuséiert gëtt.

Entretemps, an zesumme mat der Stad Lëtzebuerg, huet Luxtram dës Message an 3 Sproochen, Lëtzebuergesch, Franséisch an Englesch, nei opgehol. Des nei Versiounen gi säit der Rentrée an all den Trammen diffuséiert.

Lëtzebuerg, den 21. September 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes